AKADEMISCHER VEREIN D' LETZEBUERGER

seit 1897 2, avenue de l'université L-4365 Esch-Sur-Alzette A.s.b.l.

Léif Avl'erinne, Léif Avl'er

D'Summersemester 2025 steet virun der Dier, a soumat och eng nei Saison un AVL Events. Wat fir Events genau, a wéini dir iech drop freeë kennt, gitt der an dësem Communiqué gewuer. Wann der also näischt verpasse wëllt, liest iech dëst Dokument genau duerch! Mir freeën eis schonn iech op de verschiddenen Veranstaltungen ze gesinn!

Genau wéi lescht Joer ass **all Méinden eise Lëtzebuerger Owend** am **Kaktus**. Et kann ee schonn um **20h** op de Stammdësch kommen. Eise gewinnte **Chouer**, ënner **Directioun vum Ben Graas**, wäert och um **20h** starten. Chouersprouwen wäerten wei gewinnt am Kaktus sinn, mee opgepasst(!) op verschiddenen Deeg, z.B. virun der Ponttorfeier wäerte Prouwe vum Kaktus an en **RWTH Sall** verluet ginn, fir dass ee méi Privat an och méi eescht prouwe kann! **De Patt no der Prouf, wäert och no deene Prouwen, fir all motivéiert(e) Sänger(in) weider hin am Kaktus bestoe bléiwen**! D'Motto vun de Prouwen **„Léiwer Haart, wéi Richteg".** Also trau dech a komm eng Kéier op eng Prouf laanscht. Genau Detailer zum Sall ginn nach kommunizéiert.

Wëll mir jo net nëmmen am Drenksport déi bescht wëlle sinn, fannen och dëst Semester rëm **Basket-, Volley- a Fussballtrainingen** statt. Dëst wäerten ufanks nach zu Kelmis an den Hall stattfannen, soubal d'Wieder awer besser gëtt verleeë mir den Training op de Königshügel, fir och vun dem gudde Wieder profitéieren ze kennen. Déi genau Datumer vun de Locationännerunge kritt dir nach matgedeelt.

Mir fänken eis eventvoll Saison scho **Méindes, den 9. Abrëll** u mat eiser wonnerbarer **Béierwanderung.** Mir starten um Katschhof um 13:00h, mee dëst Joer probéiere mir een neie Wee an och eng nei Destinatioun an zwar geet et bei de Rollefbach-Viadukt. Fir genuch Duuschtläscher (Béier, Radler & Softs) ass natierlech och gesuergt, sou dass mir kee Gedrénksmangel wäerten hunn. Leider ass des Aktivitéit Wiederoofhängeg, soudass et zu méigleche Verrécklunge ka kommen. Als Oofschloss vum Daach gi mer Dono nach een an de Kaktus drénken.

Weider geet et dann direkt 2 Deeg dono mat engem gudde Start an de Weekend. **Freides, den 11. Abrëll** ass de **Wëllkommpatt** am Kaktus um 20:00h vir den **Tournoi de l'Ambassadeur** deen den nächsten Daach um Programm steet. Den Tournoi start den 12. Abrëll um 10:00 um Fussballterrain **Rasenplatz Helleter Feldchen 42, 52146 Würselen**. No deem mei oder manner sportleche Match geet et dann um 18:00 Weider mat der Kréinung vum Roi a Reine Nationale. Den Daag iwwer gett gegrillt an vir genuch hydratioun ass och gesuergt. Vir dann den Daach nach gutt ofkléngen ze loosse geet et um 20:00h weider an de Sowieso vir nach deen een oder anere mateneen ze höppen. Vir op desem Event deelzehuelen misst een sech umellen des Umellungen sinn mettlerweil awer schon zou.

Dënnsten de 15. Abrëll ass den „**Student fir 1 Dag**". Lancéiert gëtt dat ganzt mat Virstellungen am Architektur Gebai nieft dem Haaptgebai vun der RWTH. Em d'Mëttesstonn gi mer da mat de Kiddies iessen an duerno gëtt den Dag mat enger **City/Campustour** ofgeschloss. Wéi all Joer si mir den Dag op **d'Hëllef vun eise Memberen** ugewisen, déi sech Zeit huelen de Schüler hier **Froen zum Studium an de Studiefächer** ze beäntwerten. Bei wat fir Fächer genau Interessi besteet deele mir iech mat soubal d'Umeldungen ofgeschloss sinn. Et ass wéi ëmmer jidderee wëllkomm de Schüler Oochen ze weisen an, oder beim traditionelle **Patt am Kaktus** bäizestoussen.

Vir nächst um Programm steet de **7. Mee** eng Presentatioun an een Iesse mam Drees a Sommer. Jiddereen ass Wëllkomm vir dovun ze profitéiere mat eisem Sponsor kennen ze schwätzen an natierlech och vir vum Iessen a Gedrénks ze profitéieren. D'Informatiounen wou an um weivill Auer daat ganzt Start kennt nach no.

**Dënnsten den 13. Mee** organiséiere mir erëm eist allzäit beléifte **Belscht Béierfest**. Hei versammele mer eis op der Grillplaz Goertzbrunnstraße, wou mer eis e ganz Sortiment vu belschem Béier schmaache loosse wäerten. Fir Iessen ass och gesuergt, sou dass dir gestäerkt eng Ronn Flunkyball an/oder eng Partie Beerpong spille kënnt. Wéi och lescht Joer, ass dëst net een AVL exclusive Event, dat heescht dass eis Kollegen vum LSC an LESTLE härzlech agelueden si mat eis e puer Pätt ze drénken. Vue, dass dës Platz bësse mei ausserhalb vun Ooche läit, empfeele mir iech de Bus ze huelen. Och dëst Event ass een Open Air, dowéinst kann et zu Verrécklunge wéinst dem Wieder komme, wat mer awer net hoffen.

Dëst Joer nei Organiséiere mir **Mëttwochs den 21. Mee** een **AVL Volleyball/ Spikeball Sporttourneier.** Nierwebei gett et vir Zuschauer an vir Sportler techt den Matcher gut summerlecht Gedrenks, alles am Thema Beachparty. Bei desem Event kommen weider Informatiounen nach no.

Vir eng Sportlech Woch nach mei Sportlech ofzeschléissen hu mir vum **23-24 Mee eisen Traditionelle Staffellaaf** vun Oochen aus bis bei eise President op Reiden an Aula. Den zwechenstopp vun der eichter Etapp ass nach net gewosst, mee Owes gi mer **zesummen an e Restaurant** eppes iessen, hei ass all Leefer invitéiert (egal op en den éischten oder zweeten Dag leeft). Mir probéieren och falls néideg eng Schlofméiglechkeet ze organiséieren, Infoen dozou an och zum Restaurant kommen nach no. No enger erhuelsamer Nuecht geet et da **weider bis an d'Gemeng Reiden,** wou mer mat engem **Éierewäin an eppes klengem z'Iesse** begréisst ginn, och hei ass all AVLer häerzlech Wëllkomm! Wann dir Loscht hutt deel vun dëser Traditioun ze sinn, kommt **Méindes den 6. Mee** an de Kaktus op **d'Staffellafversammlung**, wou Streckenofschnëtter verdeelt ginn. All Ofschnëtt sinn 20km déi awer nach eng Kéier vun de Leefer selwer ënnert sech ënnerdeelt kënne ginn. Dir kënnt also selwer entscheeden op der lo just 1 oder ebe maximal 20km laafe wëllt.

Beim **ING Marathon** , **Samschdes den 31. Mee,** ass geplangt dass den AVL natierlech och rëm vertrueden ass. Wéi scho vun de leschte Jore gewinnt, giffe mer eis de Stand mat eise Kolleege vun der Oochener Virstadt, dem LSC deelen. Mir hun awer Konditioun festgeluecht dass mir rëm um Glacis wellen een Stand hun, falls dest net de Fall ass giffen mir keen Stand maachen.

D’Informatiounen op mir een Stand maachen kommen nach no. Am Fall wou mer een Stand maachen gëtt et also kee Grond, net fir ee Patt laanscht ze kommen. Natierlech hu mir awer och dëst Joer ee Ravistand fir Sportler a **freeën eis op all Hëllef déi mer hei vun eise Membere** kréie kënnen, fir dass alles gutt iwwert Bün geet.

An mir bléiwe beim Sport, **Mëttwochs, de 4. Juni** fënnt den **RWTH Sportsday** statt, wou den AVL natierlech och vertrueden ass. Mir probéiere wéi ëmmer **eng Fussballs- an eng Basketsequippen** unzemellen. Egal op der selwer wëllt matspillen oder déi haartst Supporter wëllt sinn, mir freeën eis op jiddereen den do ass. Dir kënnt awer och vun enger Villfalt vu Schnuppercoursë profitéieren, déi iech verschidde Sportaarte probéiere mei nozebréngen. Deen Dag ass och (zumindest fir d'RWTH) keng Uni also musst dir net schwänze fir dobäi kënnen ze sinn.

Vum **07-11 Juni** fënnt eis järlech **Kulturrees** statt, dëst Joer geet et op **Athen**, organiséiert vun eisem Kulturminister an eiser Eirepresidentin, wäerte mir déi wonnerschéi Stad iwwert déi 5 Deeg besser kenneléieren. De Geescht gëtt ënner anerem duerch visitte vun weltbekannten altgriecheche Monumenter wei z.B. Akropolis gestäerkt, mee och d’Liewer gëtt mat Wäindegustatiounen net vernoléissegt. Mee mir wëllen net ze vill viraus huelen. D’Umeldungen sin hei awer leider schon voll.

**Mëttwochs, de 18. Juni,** ass wuel eist wichtegst a gréissten Event, d’**Ponttorfeier**. Op dëser Feier kënnt dir iech, wéi schonn déi lescht Joren, **am Forum M** eng Rei Virtreeg vun eise Partner unhéieren an duerno direkt vun der Méiglechkeet profitéiere mat hinnen an d’Gespréich ze kommen. Dëst ass déi perfekt Méiglechkeet sech ee Stage oder eng Aarbechtsplaz ze sécheren. Domat dir an eis Partner awer och Spaass bei der ganzer Saach hutt, ass no de Virtreeg, fir een oder e puer Pätt Wäin, Schampes an och Béier gesuergt. Wéi all Joer gëtt och rëm en Iessen a Form vun engem Walking Dinner organiséiert, fir dass dir eis net vun de Bee faalt. Musekalesch Begleedung ass natierlech och rëm um Start. Also loosst iech dat Ganzt net entgoen a kommt op d’Ponttorfeier! Opgepasst och dës Joer gëllt keen Entrée méi no oder wärend de Virtreeg!

Direkt dono geet et weider mam Beachvolleyballtounoi vum LSK, deen den **19-20. Juni** stattfanne wäert. Leider fëllt et direkt no eiser Ponttorfeier mee mir hunn mam LSK ausgemaach dass eis AVLs

Equipen reicht musse mei spéit sur place sinn. Dir musst iech och keng Suerge maachen ëmm ären Skilllevel falls dir wéilt matmaachen, deen ass irrelevant, mir hu genuch Skilllevelen dobäi domat et fair bleift. Mee och Supporter kënnen dobäi sinn an eis Equippen als AVL Ultras ufeieren. Fir Gedrénks an Iessen ass wärend de Matcher gesuercht. Nom Tournoi gëtt op der Campingplatz am Bësch weidergegrillt domat een sech rëm fir de Rescht vum Owend mat Energie opfëllt fir sech da nach eng Kéier richteg kënne vollzetanken!

Weider geet et **Mëttwochs, de 25 Juni**, wou mer bei hoffentlech guddem Wieder op den **Dürener Badesee** fueren, fir bësse Sonn ze tanken! Déi déi wëlle kennen do och hiert Talent beim Wakeboarden ënner Beweis stellen. Méi genau Detailer kommen nach no.

Eisen traditionelle **Match géint Anciens** fënnt natierlech och statt Samstes, den 28. Juni. Wei letzt Joer wäert dat ganzt als eng Olympiad mat méi Disziplinnen oofgehaalen ginn.

En anert Grousst Event, wat vun der ACEL organiséiert gëtt, a wou den AVL net dierf feelen, ass de **Studentenbaal,** deen dëst Joer de **4. Juli** stattfënnt. Dëst Joer deele mir eis de Comptoir just mat eise Kollegen vu Köln(LSC). Dëst Event ass och eent wat ze grouss ass fir aleng als Comité ze stemmen, dowéinst, freeë mir eis op all Hëllef déi mer kréie kënnen a soe lo schonn deene Leit merci déi eis do ënnert d'Ärem gräifen. Mee ee Bal wier näischt ouni Léit, dowéinst verhaalt iech den Datum a kommt den AVL a villäicht e puer aner Cerclen ënnerstëtzen!

De **15. Juli, Méindes,** feiert den Avl de Schluss vum Summersemester mam traditionellen Ofsch(l)ossfest, dobäi loossen mer alles roueg auskléngen, et gëtt gegrillt, gelaacht a ganz wichteg: gedronk.

Tescht dem Summer- an dem Wantersemester läit d'**REEL** (Réunion européenne des Étudiants Luxembourgeois). Déi ass dëst Joer vum **18. - 21. September zu Strosbuerg**. Als Thema vun dëser Reel hu mer **„Prix flambants et retraites en danger: un avenir prospère, est-il toujours possible au**

**Luxembourg**“. Dëst Event ass ëmmer schnell voll, also wann dir och gären dëst Joer dobäi wëllt sinn, dann haalt d’Aen no weideren Infoen op a mellt iech sou schnell wéi méiglech un. Méi genau Detailer kritt dir nach weider geleet.

Sou, dir hutt et gepackt, dëst ass Summersemester fir 2025, mir wënschen iech een erfollegräicht Summersemester a freeën eis schonn drop, iech op villen Eventer a Soiréeën ze gesinn an ee Patt mat iech ze drénken!

Vive den AVL

Vive de Comité

Vive den AVL-Chouer

Vive eis Memberen

Vive Lëtzebuerg

Vive Oochen

A vive an de Kaktus

Fir de Comité,

Leny Nickels